N°3439
Entrée le 06.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°3439 vum 12. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierte Michel Lemaire iwwert « Pratique des immatriculations propres de véhicules par les concessionnaires et impact sur les statistiques au Luxembourg ».**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert "d'Eigenzulassung" vun den Gefierer.

1. **Ass dee Phenomen, datt d'Händler Autoen op sech selwer umellen och hei am Land bekannt? Falls jo, kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Zuele vun de Gesamtzouloossunge vun 2015 bis 2025 no der Aart vum Motor, no der Mark souwéi privater, betriblecher an ëffentlecher Umeldung regruppéiert, a fir déi betriblech Zouloossungen all Kéiers d'Zuel vun den Umeldungen op d'Händler preziséieren?**

D'Phenomen, datt Gefierer kuerzfristeg op de Numm vun engem Händler ugemellt ginn, éier se weiderverkaaft oder nei ugemellt ginn, gëtt et scho laang zu Lëtzebuerg a betrëfft och net spezifesch Elektroautoen. Dëst kann aus ënnerschiddleche Grënn geschéien, notamment am Kader vu Virféierungssgefierer, fir eng eegestänneg Notzung duerch d'Entreprise selwer oder aus organisatoreschen a kommerzielle Grënn.

Et ass awer festzehalen, datt d'national Datebank fir d'Umeldung vun de Gefierer net virgesäit, datt eng Umeldung no hirem Zweck qualifizéiert gëtt. Persounen a Gesellschaften si fräi, hir Gefierer op hiren eegenen Numm umellen ze loossen, ouni dofir eng Justifikatioun mussen ofzeginn. D'national Datebank mécht weder Ënnerscheeder no der Notzung vum Gefier (privat, betriblech oder ëffentlech), nach no der berufflecher Aktivitéit vu physeschen a juristesche Persounen. Autosconcessionnairen oder sougenannt Händler sinn dofir nëmmen iwwer hir national Matricule als physesch oder juristesch Persounen identifizéiert, ouni datt hir Funktioun oder Aktivitéit am Regëster ausgewisen ass.

Aus dëse Grënn ass et net méiglech, Zuelen iwwer d'Unzuel vun den Händler oder iwwer d'Zuel vun de Gefierer, déi op hiren Numm ugemellt sinn, ze liwweren, nach dës Donnéeën no der Aart vun der Notzung vum Gefier (privat, betriblech oder ëffentlech) ze ventiléieren. Nëmmen ëffentlech Persoune kënnen an der nationaler Datebank als solch identifizéiert ginn, op Basis vun hirer nationaler Matricule.

2. **Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi weist, wéi vill Occasiounen déi virdrun als "Eigenzulassung" ugemellt waren, vun 2015 bis 2025 zu Lëtzebuerg verkaf goufen, an dës no der Aart vum Motor souwéi der Mark regruppéieren?**

Well d'national Datebank keng Kennzeechnung als „Eigenzulassung" virgesäit, sinn déi gefroten Zuelen net verfügbar.

Lëtzebuerg, den 6. Februar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes